Den Zinnikleesche

't ass kal, dobaussen hault de Wand,
den Zinnikleesche geet duerch d'Land.
En huet sech op de Wee gemaach,
well 't ass säin hell'gen Namensdag.

E geet mat sengem grousse Kuerf
duerch jiddfer Gaass, duerch jiddfer Duerf.
A wou brav Kanner sinn am Haus,
do geet e 'ran, do deelt en aus.

Deen ee kritt dëtt, deen an'ren dat,
sou wéi et steet op sengem Blat.
En ass e gudden ale Mann,
a mécht alt wat e maache kann.

An huet e muerges, géint der Dag,
duerch d'Haiser da säin Tour gemaach,
da geet 'n am Éislék op eng Kopp
an heemlech an den Himmel op.